

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Hilfe in der Warteschleife" deen de 17. Juni am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt den Ëmweltministère säi Veto géint e geplangte CGDIS-Zenter um Friddhaff ageluecht hätt. Weider schreift d'Lëtzebuenger Wort, datt de Staat op deem geplangten Areal scho fënnef Hektar Terrain opkaf hätt, déi lo net méi dem eigentlech Zweck vun dëser Transaktioun ënnerleien. Fir de geplangte CGDIS-Zenter, dee säit 2009 am Gespréich ass, proposéiert den Ëmweltministère lo en alternative Zitt, vun deem en awer selwer seet, datt e landschaftlech manner gëeegent wier.


An deem Zesammenhang géife mir der Regierung gär des Froe stellen:

- 1) Wéi héich war de Kafpräis fir déi zitéiert fënnef Hektar Terrain? Ënnert wéi engem Budgetsartikel sinn des Sue gefloss a mat wéi engem Verwendungszweck gouf déi entspriechend Transaktioun begrënnt?
- 2) Wéi enger Verwendung ginn déi fënnef Hektar Terrain schlussendlech zougefouert?
- 3) Firwat huet den Ëmweltministère drop verzicht seng Bedenken ze äusseren, ier des Transaktioun stattfonnt huet?
- 4) Op deem geplangten Areal hätt d'CGDIS iwwert eng gutt Ubannung un d'N7 verfüügt, wat sech grad am Fall vun Urgencen als entscheidend kann erweisen. Wéi verantwort den Ëmweltministère déi entspriechend Reduktioun vun der Effizienz vun der CGDIS an domat vun der Sécherheet vun de Bierger?
- 5) Et handelt sech net ëm den éischte Fall, wou den Ëmweltministère sech beim Ausbau vum CGDIS queesch stellt. En änleche Fall hate mir jo schonn zu Waasserbëlleg, dee mir an eiser parlamentarescher Fro Nummer 4111 ugeschwat haben. Wéi weit d'Regierung hei den Ëmweltschutz vis-à-vis vun engem gudde Fonctionnement vun de Rettungsdéngschter of?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



Fred Keup
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 5 août 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Concerne : Question parlementaire n°4525 du 18 juin 2021 des honorables Députés Jeff Engelen et Fred Keup concernant la construction d'un centre d'incendie et de secours à Friddhaff

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministes, Taina Bofferding, vun der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Carole Dieschbourg, a vum Här Minister fir Landesplanung, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n° 4525 vun den honorabelen Deputéierte Jeff Engelen a Fred Keup zum Sujet „Construction d'un centre d'incendie et de secours à Fridhaff“

De Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung ass am Virfeld vun där vum Deputéierte genannter Transaktioun net consultéiert ginn. Aus deem Grond konnt e virun der Transaktioun och keng Bedenken äusseren.

Fir d'Fro vun engem neie CIS endgültig ze klären, huet de Minister fir Landesplanung een interministeriellen Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff, an deem zesumme mam Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, dem Inneministère an dem CGDIS, souwéi der Stroossebauverwaltung eng Analys gemaach gëtt, fir de beschtméigleche Site ze fannen, deen all de Krittäre Rechnung dréit, dat heescht souwuel vun der Effizienz hier, wéi dem Standuert fir de CGDIS an der Abannung an d'Landschaft.

Et kann een haut soen, dass sech aus der éischter Analys vum Aarbechtsgrupp eng Rei Terrainen erausgeschield hunn, déi sech fir de Bau vum neie CIS géifen eegnen an déi elo am Detail ënnersicht ginn. Eréischt wann de Site definéiert ass, ka gekuckt ginn, wat mat den Terraine geschitt, déi schonn zu engem fréieren Zäitpunkt kaf goufen.